

GËFF ELO PIRAT!

Du wëlls eis **ënnerstëtzen** an **aktiv mat entscheeden**, wéi eis Aktivitéiten an Zukunft ausgesi sollen? Da gëff Member!

VIRNUMM		
NONUMM		
EMAIL		
NR.	STROOSS	
PLZ	UERTSCHAFT	
LAND		
DAG	MOUNT	GEBUERTSJOER

ECH WËLL KEEN NEWSLETTER KRËIEN:

ECH WËLL INVITATIOUNEN NËMME PER EMAIL KRËIEN:

D'Cotisioun ass op 20€ d'Joer festgeluecht. Jiddereen, deen d'Cotisioun net kann bezuelen kann eng Reduktioun ufroen.

Nom Verschëcke vum Formular gëtt deng Demande gespäichert a mir schécken Dir sou schnell wéi méiglech e Bréif mat der Rechnung a weideren Informatiounen wéi's de bezuele kanns.

Mir späicheren deng Donnéeën just fir Kommunikatiounszecker (Invitatiounen etc.) a ginn se natierlech u keng Onbefugter virun. All Jongpirat huet d'Recht seng Donnéeën unzefroen, se ze veränneren an bei Austrëtt läschen ze loossen.

MAACH MAT!

Jiddwer Interesséieren ass härerlech invitéiert un eisen Treffen deelzehuelen. **Bei eis ass jiddweree wëllkomm!** Weider Informatiounen zu eisen Treffen fënns de op eiser Websäit!



www.jonkpiraten.lu



info@jonkpiraten.lu



facebook.com/jonkpiraten



[@JonkPiraten](https://twitter.com/JonkPiraten)

D'DEMOKRATIE BRAUCH JONKLEIT!





DAT SI MIR:

D'Jonk Piraten sinn déi **onafhän-
geg** Jugendorganisatioun vun der
Piratepartei Lëtzebuerg. Mir si Ju-
gendlecher a jonk Erwuessener bis
zu engem Alter vun 27 Joer, déi sech
politesch engagéieren, weiderbilden
a **weiderentwéckele** wëllen.

Obwuel mer enk mat der Piratepartei
zesummeschaffen, si mir **thematesch**
net un dës gebonnen a vertrieeden eis
eege Standpunkten.



Stärkung vun de Biergerrechter:

D'Jonk Piraten setzen sech dofir an,
datt d'Prinzipie vun de Mënsche-
rechter geuecht ginn. Virun allem
d'Universalitéit läit eis um Häerzen:
d'Mënscherechter musse fir jiddwe-
reen iwwerall gëllen. Et gëtt keen
Ënnerscheid am Wäert vun engem
Mënsch. Intoleranz an Diskriminéie-
rung lehne mir dofir strikt of!



Bildung: den Zougang zu Wëssen
a Kultur muss fräi a fir jiddweeren
accessibel sinn. Bei der Vermëttlung
vu Bildung dierf net just nëmmen
op d'Weidergab vu Wësse geuecht gi
mee och d'Erléiere vu Fähegkeeten.
lewescht Zil soll et sinn, datt Jonker
zu opgeklärten, selwerbbestëmten
a mëndege Mënschen erzu ginn.



Dateschutz: Mir wëlle virun allem
jonk Mënsche sensibiliséieren, fir mat
hiren Donnéeë bewusst ëmzegoen,

EIS SCHWÉIERPUNKTEN:

wann se dës z.b. a sozialen Netz-
wierker (Facebook, Twitter etc.) oder
allgemeng am alledgeleche Gebrauch
(Clientskaarten etc.) präis-
ginn. Haut späichert net nëmme
d'Privatwirtschaft eis Donnéeën, mee
och de Staat. Net all Datenerhiewung
huet seng Berechtigung a soll prinzi-
piell hannerfrot ginn, fir Date-
mëssbrauch ze verhënneren. De
Mënsch ass méi Wäert ewéi seng
Donnéeën, déng Privatsphär dierf net
verdachtslos mëssuecht ginn!

DOFIR STI MIR:

- ⊕ fir fräi Bildung
- ⊕ fir d'Förderung vu méi
Mediekompetenz
- ⊕ fir méi Basisdemokratie
- ⊕ fir en transparente Staat am
plaz vum gliesene Bierger
- ⊕ fir en zäitgeméisst Urheberrecht
- ⊕ fir Chancegläichheet a Gläich-
berechtigung

- ⊖ géint en zouhuelenden
Iwwerwachungswahn
- ⊖ géint staatlech Bevirmundung
- ⊖ géint Mëssuechtung vun der
Verfaassung